1-2018-0-V-5328-01 (n°2912)

**adr**

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 27. Mäerz 2019

2

Dépôt : M. Gast Gibéryen
Heure d'actualité au sujet du projet Google

**MOTIOUN**

D'Chamber,

stellt fest

- datt Wuesstem a Liewensqualitéit eng zentral Plaz an der politescher Diskussioun zu Lëtzebuerg anhuelen;
- datt de Projet Google zu Biissen wéinst sengen Ausmoossen an dëser Debatt eng wichteg Roll zougestan muss kréien;

ass sech bewosst, datt

- Google zu Biissen en Terrain vu bal 35 Hektar fir eng 50 Milliounen Euro kaf huet;
- esou e Landverbrauch fir en Eenzelprojetzu Lëtzebuerg aussergewéinlech ass;
- esou e Projet Auswierkungen op Natur an Ëmwelt wäert hunn;
- e Bau, deen bis zu 35 Meter héich däerf ginn, d'Landschaftsbild verännere wäert;
- de Betrib esouwuel mat Kaméidi duerch d'Killanlage wéi och mat Dampwolleken iwwert de Killtierm verbonnen ass;
- de Betrib grouss Quantitéite Waasser a Stroum wäert brauchen, ouni datt konkret feststeet, wou dës Ressource hierkommen a wien d'Infrastrukture finanzéiert;
- bis haut net den Zuele widdersprach ginn ass, déi dervun ausginn, datt den Datenzenter eleng 5-10 Prozent vum aktuelle Landesverbrauch un Drénkwaasser an zwee an en hallef Mol de Stroum vun de Lëtzebuerger Stéid géing brauchen;
- wirtschaftlech Beneficer fir Lëtzebuerg nach net chiffréiert sinn;
- net gekläert ass, wat de Stockage vun Donnéeën eleng u Revenue kéint generéieren, op deene Google kéint besteiert ginn;
- déi 300 annoncéiert Aarbechtsplaze fir den Datenzenter däitlech méi Personal wären, wéi a vergläichbaren Aktivitéite vu Google an anere Länner;
- net gewosst ass, ob dëst Personal zu Lëtzebuerg disponibel ass;

fuerdert d'Regierung op

- zousätzlech zu de legalen Prozeduren, eng komplett Impaktstudie ze maachen, déi d'Vir- an d'Nodeeler vun esou engem Projet fir d'Land verdäitlecht an erlaabt, ze entscheeden, ob eng Implantatioun vu Google zu Biissen fir d'Land, seng Wirtschaft a seng Bevëlkerung virdeelhaft, realistesch, nohalteg a wënschenswäert ass.

Gast Gibéryen

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg